# GESPENSTER

e leschtegt Steck an zwé Akten erausgin vun
Action catholique féminine
3,Place du Théâtre,Luxembourg

Kreszenz: (âl an arm geklét, kirt an enger armer Stuff).
Jo, do hescht et an de Bicher: "Morgenstund hat Gold im Mund". Ower bei eis net. - Bei eis huet é Muergen we' dén âneren fir mech eng Wâsserzopp am Mond. An dann ass mol nach net vill Bro't dran ze gesin....well meng Méschteg fönd dass d'Bro't me' deier ass we' d'Wâsser... Oh jé, wann ech emol enges Dags mei Mond voll Gold hätt, da pe'ff ech menger Aler op den Dengscht. Ech ge'f meng siwe Quetschen zesumme pâken a rennen wât ech kennt, dass ech dén âle Geizbock net me' gese'ch....Eso' ower ass et én Elend dass ech muss bei dér âler Kûscht bleiwen, so' lâng we' ech krabbele kann, well mech âlen, ausgedirrten Beckeleng höllt dach soss ké Mönsch me' an den Dengscht. (stellt de Biesem op d'Seit an höllt d'Stöpslomp fir ofzestöpsen); So', mat Kiren wier ech fèrdeg. Di Al wèrd gleich kommen.Ech si virwetzeg wât se fir de Metteg bestelle wèrd...secher keng Krommesvullen.

Méschtesch: (ârm geklét, e Schirteg mat allerhand Stecker drop, eng Hauf mat zwéerlé Bänn, deck Schong) Kreszenz, ganz propper mân, net. Wa mir och ârm sinn, kenne mir dach alles propper hâlen, dat kascht neischt. Wanns de do fèrdeg bass mat opraumen, da gés de gleich akâfen.

Kreszenz : Wât soll ech dann haut kachen?

Méschtesch: Geschter hâte mir Kuelrawi...haut get et...Bro'tzopp mat agebrannte Mûrten. Et ass nach eng Kneischen Bro't am Schâf, de' duerfe mir net gro gi lôssen...d'Bro't ass deier.

Kreszenz : Wât? Schon erem Mûrten a ké Flésch!...Bro'tzoppen hu mir all Mueres. Elo hu mir scho 5 Dég ké Flésch me' gehât.Ech kann vun elauter Armse'legkét bâl net me' stoen.

Méschtesch: Wât, Flésch? Wât fällt dir an? Wo' soll ech dann dât Geld hierhuelen fir dat deiert Flésch ze kâfen? Sief fro' wanns de Sonndes e Maufel Rendflésch kriss. Du verdengs dat nach net. Dé ganzen Dâg op dér fauler Haut leien; bei mir ass keng schwe'er Arbecht. Du verdengs nach net emol d'drechend Bro't.

Kreszenz : Madämchen, dat hei soen ech iech. Wann de Kascht net besser get, bleiwen ech net hei, da könnt dir selwer ère Stôt mâchen.Fir z'erhengeren brauch ech net an den Dengscht ze goen.

Méschtesch: Hei, d'Dir stét op. Du kanns goen, wanns de wells an domatt ab (fort)

Kreszenz : (rifft er no) Dat man ech och...Huel dech der Kuckuck, du âl, ausgedrechend Hirkese'l...Oh, ech kennt baschten vu Roserei...Ech soll neischt schaffen? Soll op der fauler Haut leien? Huet én op der Welt schon eso' eppes he'eren? An ech muss Kächen, Botz a Wäschfrâ sin, Ne'desch a Modist, a Gott wéss wât nach...An dat alles fir en hongrege Lo'n an eng Wâsserzopp.Nén, nén, aus ass et mat menger Gedold. Elo mân ech éscht.

Méschtesch: Do, Kreszenz, hues de Arbecht. Wanns de fèrdeg bass mat Kachen a Spullen, da flecks de mer meng Jacquette.

Kreszenz : Wesst der wât, Madame, lo huet dir grad gesôt, ech ge'f dé ganzen Dâg op der fauler Haut leien. Fir wat brengt der mir dann de âl Fatz elo, wo'run ké Steck me' hâle kann.De' ass fir eng Héschefra nach vill ze schlecht. Do, fleckt se selwer. (werft hir se virun d'Fe'ss) Ech könnegen iech den Dengscht.

Méschtesch: Dat kanns de mân (hieft d'Fatz op) Eso' eng Mod we's du kre'en ech zeng op é Fanger. Bis mar hues de Zeit dech ze bedenken, obs de bleiws oder net. (zur Seit) Et huet dat schons dack gesôt an et wor nach ömmer fro' wann ech et gehâlen hun.An ech war fro' well et bliwen ass, well fir 40 Frang kritt én haut keng Mod me'. (zum Kreszenz dat virun opstöpst) Ech muss elo meng Pensio'n ophiewe goen (zielt op d'Hand) zwé, drei, ve'er, sechs, âcht Frang...Hei hues de Geld fir akâfen ze goen: 2 Frang fir Mûrten, 2 Frang fir Schmalz, 1 Frang fir Salz, 3 Frang fir Holz a Kuelen.

Kreszenz : Fu Peffer ass och neischt me' am Haus.

Méschtesch: Wât, Peffer? Et ass genug wanns de dat deiert Schmalz a Salz hues. De Peffer ass e Luxus fir de reich Leit. Mir sin arm a musse spueren (si hellt hire Mantel an d'Poche) An da kuck dass alles an der Reih ass wann ech kommen.(fort)

Kreszenz : (drét) Pass op, d'Mûrte mân ech der haut nonén, dass de d'Aen verdre'ss, wanns de se öss, du alt Groschegre't. (summt dann irgend e Lidd)

Martina : Muerge, Kreszenz. So' löschteg schon an aller Fre', we' wann all Dag Kirmes wär bei menger Tant.

Kreszenz : Nun he'ert awer op, Joffer Martina, dir wèrd dach net gléwen dassech vu Fréd gesongen hun, nén, vu Roserei.

Martina : So', a wât war dann nés lass?

Kreszenz : Gestridden hu mir, ech gi fort.

Martina : Dat hut dir schon dacks gesôt, an dann sidd dir ower bliwen.Et wèrd sech erem en Ausgleich fannen. Dach, wat ech wollt froen: Ass d'Tant hei?

Kreszenz : Nén, sie ass hir Pensio'n ophiewen.

Martina : Dat gét mir ge'nt de Strech.

Kreszenz : Kann ech vleicht d'Kommissio'n ausrichten (fir sech) Ech kann mir schon denken wât et wöllt (weist mat de Fangern Geld) Awer dat werd emsoss sin; - We' gét et dann mat dér krnker Mamm?

Martina : Schlecht, duefir hätt ech gär mat der Tant geschwât.

Kreszenz : Ech verstin, Joffer Martina. Wann én eso' lâng krank ass, da gét bei aller Spursâmkét d'Geld aus. An de' vill Kanner Ech bedauern iech, Joffer Martina.

Martina : Elo leit eis Mamm schon 3 Me'nt. Meng Schwester kann neischt verdengen well sie bei der Mamm muss bleiwen an an hirer Plâtz de Stôt muss mâchen - a mei Verdengscht récht net aus fir 6 Perso'nen.

Kreszenz : Dir ârem Kanner!

Martina : Ech sin ewe' verzweifelt. Ech wéss net wât ech ufänken soll. Vleicht le'sst d'Tant mat sech schwetzen an helleft eis aus der No't.. D'Mamm sét ömmer sie hätt eng gro'ss Ierwschaft gemâch......dach hält sie dat hémlech.

Kreszenz : Wât der net sôt?

Martina : Ech hun er de' firecht Wochgeschriwen, ower hun nach Keng Äntwert kritt.

Kreszenz : Ujé, dat sie schlecht Aussichten op Hellef. Ech kennen eis Madame Geizeg, de' get ké lompege Sou eraus. Le'wer le'ss se sech brigelen. Si leid jo selwer Honger mat mir.

Martina : Wât soll ech dann ufänken?

Kreszenz : Ech bedauern de' arem Leit vun Härzen, awer wârt. Hues de Geld, meng Al, da muss de et eraus gin, ech schwiren drop (zum Martina) He'ert Joffer Martina, verlôsst iech op mech; ech hellefen iech.

Martina : Meng le'f Kreszenz, we' sollt dir dat können?

Kreszenz : Mir mussen e Plang aushecken, fir dén âlen Geizbock ze kure'eren. Lôsst mech emol gewèrden.

Martina : Ech well Iech elo weider net ophâlen. Dir sollt jo akâfe goen. Äddi.

Kreszenz : Äddi, Joffer Martina, net verzôt. Mir werden d'Sâch an d'Rei brengen (ent rechts, dat anert lenks fort)

(kleng Paus)

Méschtesch: (mat der Geldpoche. Si lét se op den Dösch) So' do wär mei Geld. (dét sech aus, hängt de Mantel op, dét dat âlt Schirtech erem un, gét bei den Dösch, greift nom G Geld, an ze't dermat dem Martina sei Bre'f eraus)
Ower, wât assdat hei....dé verwenschten Héschebre'f vu menger Nies. Allé, Marsch an den Uewen dermat.(werft en zur Dir eraus) De' Sippschaft assmer mol zuwidder. Wéss Gott wât fir Wonnen se nés hun, de' ech mat enger Geldplôschter kure'ere soll.Onverschimmt. Wât brauchen dann de' Jöffercher eso ' fein eraus staffe'ert ze sin? Sie sollen an den Dengscht goen a le'eren hirt Bro't ordentlech ze verdnegen anstatt Comptoiristin an Telephonistin a wéss Gott wât nach ze sin. A wa meng Schwester krank ass, da soll sie an d'Spidol we' et sech fir ârem Leit gehe'ert.Dass ech vu menger Familjen net kann a Ro' gelôss gin. (Kreszenz lûsst am Hannergrond eran) Sollen se am Enn erfuer hun, dass ech de gro'ss Ierwschâft gemâch hun?....Dat wär domm....Nén, ech kann et net gléwen...Pah, wât zerbriechen ech mir de Kapp domatt?...Sie kre'e neischt an domat basta. (sie gét op eng gro'ss Köscht- malle- zo',de' am lenke, fischten Eck vun der Bühn stét) Elo muss ech awer meng Pensio'n önner Dag brengen (mecht d'Köscht op) Do ass mei Schâtz, mei Gleck, meng Fréd!...(Kreszenz kuckt eraus an trött me' no) Nie ass et mer eso' wuel, we' wann ech bei menger âlmo'descher Köscht hei stin. Si ass mein Tro'scht, mei verschwiegenste Frend (reiwt sech d'Hänn) Ké Mensch huet eng Ahnung, wât do an dér âler Köscht soll stiechen. Net emol mein âlt Kreszenz wât schon 30 Joer am Haus ass.Dém ass et nach net am Drâm agefall, dass et bei eso' enger Geldgro'w schle'ft.....Hihihihi, Hähähähähä (weist op hir Stir) Elei dran stéchen me' Hiren we' an dém gre'ssten Gele'ertekapp...Wât notzt all Wössenschaft wann de Beidel mat Loft geföllt ass. Hihihihi, hähähähä....Ech hu gudd Wiechter fir mei Schâtz..(hellt âl Schong a Fatzen aus der Köscht) Hihihi, dir meng le'f Schingercher, dir meng le'f Fätzercher, ech muss iech le'f drecken (mecht et) well der eso' trei sidd. Ké sicht Geld önner iech, well der eso' dreckeg sidd. Fir mech sidd der Juwele de' ech respecte'eren...Hähähä...An önner iech meng Bijouen... Da kuckt meng Herzallerle'wst eraus (hëllt de Sâk an hiewt en raus) Hahaha...Wann meng Familjen an d'Kreszenz heivunner wessten, da ge'fen sie mech Dag an Nuecht pengechen, bis de Sâk eidel wär. (Kreszenz wenkt jo) Ma duefir ass gesuergt...Ech hu meng Schwester gär an hir Kanner all si brav, dat gefällt mir. Ower so' weit gét meng Le'ft net, dass ech meint sche'nt Gold mat hinnen délen... (Kreszenz mecht eng Fauscht)....Wann ech emol stierwen....Jé, da kre'en sie jo alles....wann s'et fannen...
(Sie trött an d'Mött mam Sâk. Kreszenz fort. Sie kesst an härzt en, weit en op den Ärem, beim Dösch lét se d'Geld aus der Poche dran, a weit en, op en me' schwe'er wär; dobei sét se.)
O, dir meng le'f Honnertdausender. Ech bewâchen iech mei Liewe lâng. Soss verlângen ech neischt vun der Welt (sie sprengt mam Sâk a sengt) Hei, hei, hei, dir bleiwt mir ömmer trei....

(Kreszenz kuckt eran an drét mat der Fauscht) Ower elo muss ech mech erem trennen vun mengem hèrzallerle'wsten Schâtz....soss wann d'Kreszenz era kennt, an dann.....Oh, jömmen, nén, neischt eso'... (sie lét de Sâk erem an, d'Schong an d'Fatzen drop) So', nu schlôft erem ongene'ert vun de be'se Menschen, de' huerteg mat iech fèrdeg wieren, wann se iech krieten.
An elo schreiwen ech menger Nies eng Äntwert, op de et er net me' afâle wèrd, mech nach emol unzesprie chen (gét bei den Dösch)

Mei le'ft Martina! Dei Bre'f hun ech kritt. Wât e Gejirimiris. Wât kann ech duefir? A wât soll ech dobei hellefe können? Ech hun neischt ewe' meng kleng Pensio'n. Spuert ewe' ech, da gét et iech ewe' mir. Eddi an Amen.

Rideau

2. Akt

(d'Fatzen an d'Schong aus der Köscht, well se henneren - d'Bühn hallef donkel)

Kreszenz : Se assfort. Wârt, du âl Kneck. Haut wèrde mir dech dach kre'en. Wât werd de Aen mâchen?..Wann de' zwé nömmen gleich kommen.Ha, do sin se...

Martina+ Thérèse: ...n'Owend, Kreszenz.

Kreszenz : Nowend, Martina, nowend Thérèse.

Martina : Ass d'Tata fort?

Kreszenz : Fort ass sie, sie ass bei d'Madame Plompsâk an do bleiwt sie ömmer e gudde Strapp.
(Sie léen hir Päck op den Dösch, 3 lang weiss Kléder mat langen weiden Aeram, drei weiss, spatz Géschterhauwen mat Lächer fir d'Aen; eng Spötz vun der Hauw hängt vir erôf, de âner hanneneröf. 3 x eng weiss Hänsch mat langem opgeföllltenem Arem an e Bengel derduerch bis an de Möttelfanger. De Bengel an de recht Hand geholl, so'dass et é langen, langen Arem schengt.

Martina : Et ass mer awer hémlech Angscht; Kreszenz.

Kreszenz : Wuefir dann, Joffer Martina?

Martina : Ech fèrten wann mer d'Tant erschrecken, da kennt et net gudd ausgoen, sie ass schon âl.

Kreszenz : Keng Angscht, Joffer Martina, so' harthèrzeg Leit hun och en hârt Liewen.Ech kennen d'Tant gudd. Kergesond ass se.....a mir schloen a beissen sie jo net, nömmen e beschen an d'Angscht dreiwe mir se. Dat ass hirer Se'l gesond.

Martina : Dir hut Recht, Kreszenz.

Thérèse : Ech fèrten awer d'Tant get be'ss a sie verste'sst eis ganz.

Kreszenz : Dé neischt wôt, dé neischt wönnt. Nömme keng Angscht. So' jong Leit a ké Kurâsch? We'?

Martina : A wann d'Tant iech da fortjét?

Kreszenz : Da gin ech einfach. Nun ower virun, d'Zeit vergét. Allez hop, eran an de Sâk (sie werfen d'Klieder un)....d'Géschterhauw op an d'Händschen un!

Martina : Hu, we' ellen!

Kreszenz : Wât wèrt de' Al fèrten. Ech frée mech op de Krésch dén sie dét, jeitze kann sie och, dat et engem elle get.

Thérèse : Mir war et senger Liewe nach net so' Angscht.

Martina : Sief dach net eso' fèrterlech.

Kreszenz : Et gét gudd, keng Suerg.

Thérèse : An ewell?

Kreszenz : Ech klammen an d'Köscht, ech sin de Geldfrösser. D'Joffer Martina stellt sech des Seit hannert d'Dir, d'Joffer Thérèse de' Seit. Eralôssen kennt der jiddererén, erauslôsse kén.

Thérèse : Donkt er awer neischt.

Kreszenz : Keng Angscht...1,2,3, jidderént op sei Posten.

Paus

Méscht. : ......Stackdeischter Nuecht iwerall. Dohém ass dohém.... Do ass én am sechersten. D'Kreszenz wèrd scho schlôfe sin Ech wèrd mech och gleich kuschelen. Virof muss ech awer nach kucken, wât meng göllen Er am Nascht mân. Op se nach all do sin....Wât é Genoss wann én eso' eng Mo'k huet, vun dér soss kén eppes wéss. Hihihihi, gescheit ass de' elei. (mecht op)

Kreszenz : (facht no hir mat dem lângen Arm) Zreck, du elende Geizhals.

Méscht. : (fällt bâl op de Reck) Huhuhuhu, hahahaha, Wié bass de, e Gésecht oder e Mönsch?

Kreszenz : Ech sin de Geldfrösser, dé fre' oder spe't all Geizhals mam Schlapp höllt.

Méscht. : Hu, e Gespenst, e Kreszenz, Kreszenz,....dat re'ert sech net.....Kreszenz, ste' op...

Thérèse : (äntwert) Wât wöllt der fu mir? Lôst mir meng Ro'h.

Méscht. : Ech muss et aus dem Bett dreiwen (léft op d'Thérèse zo')

Thérèse : (streckt de lâng Hand eraus) Halt, ké Schreck weider...

Méscht. : Höllef! Höllef! Zwé Gespenster! Höllef! Höllef! (sie léft zur ânerer Seit.)

Martina : Zreck, hei kenns de net eraus.

Méscht. : Huhuhuhuhu, hé. ....Noperschaft. Madame Plompsâk, Höllef!

Plomps. : (am Nuetsrack a Schlôfhauw) Wât ass dat fir e Gejeitz? Wât ass lass hei?

Méschtesch: Géschter,....Gespenster....

Nopesch : (kuckt doremmer a geseit neischt) Mir schengt dir sidd vun elauter Hongerleiden verreckt gin. D'Wasserzoppen sin iechan de Kapp geschloen.

Méschtesch: Nén, nén, Madame, do, do (weist op d'Köscht) Ooooooo!

Nopesch : Ja, wât soll dann do dra sin?

Méschtesch: E Géscht ass dran, oooooh!

Nopesch : Sollen dann de âl Fatzen a Schlappen lieweg gi sin (sie mecht d'Köscht op a krit eng op de Bâk, jeitzt a wöllt aus a get iwerall zreck gehâl) Helljer Himmel, wât ass dât?

Méschtesch: Hausméschtesch, Madame Biesemstill! Zu Höllef! Géschter! Gespenster!

Biesemstil: (de Biesem an der Hand, sie jeitzt scho vu baussen) Wât ass dât vir e Mordsspektakel, ech sin drun d'Trâp ze kiren.

Meschtesch: Oh, hölleft eis d'Géschter verdreiwen.

Biesemst. : Wo'? Wo'? Wo' sin se dann?

Mé.+ Plomp: Do....do....huhuhuh. .(Biesemstill gét op d'Köscht dur, Kreszenz sprengt eraus)

Biesemst. : Do misst ech jo eng Hex sin. Ech kann neischt do mân (alles rennt durchernén)

Méschtesch: (werft sech op d'Kne'en) Oh, dir Häre Géschter, ech beschwieren iech. Wât wöllt dir vun eis?

Géschter matenén: Geld....Geld....Geld....

Biesemst. : Ech hu ké Geld, nömme me' 10 Sous

Plompsâk : Ech hun och ként, ech sin d'Hauszöns nach schölleg.

Géschter : Dé Geizhals do huet Geld genug.

Méschtesch: Eeee....eee....ech hun nömmen meng kleng Pensio'n.

Kreszenz : An honnertdausend Goldstecker.(Méschtesch dét e schreckleche Krésch)

Nop.+Bies.: (schloen d'Hänn iwrem Kapp zesummen) Honnertdausend Goldstecker....Oooooh!

Méschtesch: Wo'hir wéss du dat, du schreckleche Géscht?

Kreszenz : D'Géschter wössen alles. Si gesin durch d'Mauren an d'Köschten vun de Geizhäls.

Méschtesch: Wuefir sidd der dann bei mech komm?

Martina : Keng Ro' kriss de bis de vun dém abscheilichen Geiz gehélt bess dén deng Do'deskrankhét ass.

Biesemst. : Wién hätt dat gemengt dass de' Perso'n so' reich ass?

Plompsâk . Nén, nén, eso' eng Geier.

Méschtesch: Wât wöllt der vu mir?

Kreszenz : Ech sin de Schutzgéscht vun denger Schwester, de' a gro'sser No't ass. Du hues hir Usprôch verworf an dufir pengeche mir dech bis du dér ârmer Kranker an hire Kanner gehollef hues.

Méschtesch: Ech gin en 50 Frang, Här, Här Géscht.

Kreszenz : Nén, nén, dausend Goldstecker.

Méschtesch: Nén, nie an nimmer.

Géschter : (ömzengelen se mat erhuewenen, lângen Arem) 1000 Goldstecker oder mir schloen dech zu Brei.

Méschtesch: 1000 Goldstecker....Au...au...

Géschter : Wölls de oder wölls de net?

Plompsâk : Ma, Nopesch, gitt dach dat Geld eraus, dir schrecklech Perso'n.

Méschtesch: Ech kann net, ech kann net...

Kreszenz : Dann huele mir alles (gét opd'Köscht zo')

Méschtesch: Huhuhuhu, ech gin de dausend....Au, au, dass ech Ro'h kre'en.

Kreszenz : Ower der Do't,soss...

Meschtesch: (schwankt zur Köscht, werft mat enger Hand lues Schong a Fatzen eraus, mat dér âner botzt se mat hirem Schirtech d'Tre'nen of. Da brengt se de Geldsâk op den Dösch, mecht en mat Zidderen op, höllt e klengere Sâk eraus a werft en de Géschter virun d'Fe'ss)
Do, dir Ongeheier, a lôsst mech a Ro'.

Kreszenz : A schenkst et fir ömmer denger Nies Martina? (hiewt d'Geld op)

Méschtesch: Jo fir ömmer, dass ech Ro' kre'en.
(Géschter dongen d'Hauw ôf)

Kreszenz : Hei, Joffer Martina, èr Tant schenkt iech de Klengegkét.

Martina : (kne't) Verzeih, Tanti.

Therèse : Verzeiht eis de' Klenghét.

Méschtesch: Ah, dir sidd et, we' onverschimmt...

Plompsâk : Et ass iech recht geschitt, dir âl Kneck.

Biesemstil: Elo gét mir d'Speicherlîcht op. Dat wor nömmen e Kniff. De Geier sollt durch d'Angscht gezwonge gin d'Kropen opzegin.

Kreszenz : An d'Kuschtechkét sollt fir ömmer verjôt gin.

Méschtesch: Fort, fort aus mengen Aen, dir frecht Geschir oder ech lôssen d'Gendarmen iech de Wé weisen.

Martina : Oh, Tant, ech bieden dech, eis Mamm, deng Schwester leid No't a mir können net hellefen. D'Verzfeilung huet ons zu dém Stréch verlét.

Plompsâk : Nopesch, ech mengen dir sollt navell eppes beisetzen. Wann de drei iech schlecht gewollt hätten, hätten sie iech jo ganz einfach können d'ganz Mo'k huelen.

Kreszenz : D'Hâptschold fällt op mech, ech hun d'Hexerei ugestiwelt.

Méschtesch: Dat gleicht dir, du frech Popp.

Biesemstil: We'sst dir wât, Madâmchen vun dér decker Mo'k? Eng Schân ass et, eso' vill Geld ze hun, a we' eng Hésche-frâ geklét ze goen, d'Mod Honger leiden ze lôssen, an seng nächst Familjen am Elend verschmuechten ze lôssen. Pfui der Deiwel (hiewt de Biesem) Gebrigelt sollt der gin an net ze knapps.

Méschtesch: (Huet de Kapp gebeckt) Ech gesinn mei Fehler an. Verzeiht mer, et soll ânescht gin.

Martina + Thérèse: (kne'en) Oh, merci, du gudd Tata.

Méschtesch: (höllt d'Poche) Hei, Martina, lâf schnell bei de Bäcker a bei de Metzeler Kuch a Wirschtercher kâfen ir se zo' mâchen. An du Kreszenz, mâch gudde Kaffi.

Kreszenz : Kaffi mat Kuch a Wirschtercher? Hun ech gudd gehe'ert?

Méschtesch: Jo, jo, ge' nömmen.

Kreszenz : (klatscht an d'Hänn) Ah, la bonne heure!

Méschtesch: Fir 6 Perso'nen, he'erste!

Kreszenz : Jo, e ganze Bitz voll fir all Schreck an all Be'ses ofzespullen.

Blompsâk : Da muss ech awer nach Toilette mâche goen, excuse'ert!!

Rideau

xxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxxx